

Schoufflicht bis 18 Joer - oder awer net ?

Den 13. Juli gouf an der Chamber d'Gesetz fir d'Eropsetze vun der Schoufflicht bis zum Alter vun 18 Joer mat de Stëmme vun der Majoritéit nach séier virun der Summerpau duerchgewénkt.

Déi 31 Deputéiert vun de Regierungsparteien DP, LSAP an déi Gréng hunn sech net dru gestéiert, dass ronn eng Dose verschiddenen Institutiounen an Organisatiounen, déi direkt oder indirekt vun dësem Gesetz wäerte betraff sinn, sech an hire jeeeweilegen [Avisen](#) gréisstendeels ganz negativ zu dësem Gesetzesprojet geäussert haten.

Och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics (CHFEP), an där d'FÉDUSE béid Verrieder fir den Enseignement secondaire stellt, hat sech an zwee Avisen ([28.3.2022](#) a [4.7.2023](#)) ganz kritesch zum Gesetzesprojet geäussert an dësen dofir och net guttgeheesch.

Haaptkritikpunkt vun der CHFEP, genee ewéi och der FÉDUSE/Enseignement-CGFP, war a bleift, dass net kloer genuch definéiert ass, wéi genee déi ominéis *Structures alternatives de scolarisation*, déi an Zukunft déi potenziell Schouloffbriecher opfänken an encadréieren, eigentlech solle fonctionéieren. **Wéi eng Aktivitéite maachen d'Schüler an dëse Strukturen? No wéi enge Krittäre ginn d'Schüler hei bewäert a vu wem eigentlech? Wéi eng Diplomer an Zertifikater ginn hei ausgestallt? Wéi wäit geet d'Autonomie vun deene besote Strukturen? Entstamen se dem Staat oder dem Privatsecteur?**

Ausserdeem erkenne mir net, wéi eng Plus-value dës alternativ Offer soll bidde par rapport zu aktuell scho bestoenden öffentleche Strukturen a Servicer, esou wéi ënnert anerem de Kompetenzzentren, de MOSAIK-Klassen, de Classes à régime linguistique spécifique, dem SePAS, dem Service socio-éducatif, der ESEB, de Commissions d'inclusion, dem individuellen Tutorat, den Aménagements raisonnables an deem kierzlech geschafene Service de l'intégration et de l'accueil scolaires.

Mir wëllen awer ganz kloer drop hiweisen, dass déi sëlleg negativ Avisen ëmmerhin an engem ganz zentrale Punkt eppes bewierkt hunn. Esou gouf nämlech géint Enn vun der legislativer Prozedur nach e Passus an d'Gesetz bäigefügt, deen et **Jonken ab dem Alter vu 16 Joer och weiderhi wäert erlabe schaffen ze goen. Wien e gëltegen Aarbechtsvertrag virleeë kann, ass nämlech laut Artikel 12(4) vun der Schoufflicht dispenséiert: « *Le mineur d'âge d'au moins seize ans ayant signé un contrat de travail bénéficie d'une dispense de l'obligation scolaire pour la durée de ce contrat de travail.* »**

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP begréisst dës Méiglechkeet zur Dispens vun der Schoufflicht ausdrécklech, och wann domat dat eigentlecht Zil vum Educatiounsministère, nämlech eng einfach Verlängerung vun der Schoufflicht op 18 Joer, ad absurdum gefouert gëtt. **Mir stellen also fest, dass et anescht ewéi offiziell duergestallt och weiderhinn hei zu Lëtzebuerg keng absolutt Schoufflicht bis 18 Joer gëtt, a mir fannen dat och gutt esou!**

Esoubal dat neit Gesetz bis a Kraaft getrueden ass, drängt sech eiser Usiicht no och eng Ännerung a punkto Deelzäitaarbecht (Service à temps partiel) fir d'Fonctionnairen an d'Employéen op. Bis ewell huet jo jidder Agent laut Artikel 31 vum Statut général d'Recht eng partiell Tâche unzefroen (40%, 50%, 60%, 70%, 75%, 80%, 90%) mam Motiv « *pour l'éducation des enfants jusqu'à l'âge de seize ans* ». **D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP fuerdert, dass dëst an Zukunft logescherweis bis zum Alter vun 18 Joer muss erméiglecht ginn.** Och de Congé sans traitement (Artikel 30 vum Statut général) muss natierlech gläichermoossen ugepasst ginn.